N°2250
Entrée le 26.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth, a vum Här Sportsminister, Georges Mischo, op d'parlamentaresch Fro n°2250 vum 24. Abrëll 2025 vum éierbaren Deputéierte Sven Clement**

1. **Wiem gehéiert aktuell den Terrain wou dës néi Gebailechkeete wäerten drop gebaut ginn?**
2. **Wien ass de private Promoteur deen dës Gebailechkeete wäert bauen?**
3. **Wéi vill m2 Fläch wäert dëse Bau insgesamt hunn?**

Den Terrain gehéiert engem private Promoteur, dem Groupe Giorgetti, deen och d'Gebailechkeete, mat enger Gesamt-Fläch vun ëm déi 12.000 m2, wäert bauen.

4. **Wéi vill m2 wäert de Staat an dëse Gebailechkeeten insgesamt lounen?**

5. **Wéi vill m2 wäerten am Ganze fir d'Maison des Sports do virgesi ginn?**

Et ass virgesinn, datt an den zukünftege Gebailechkeeten ënnerschiddlech Verwaltungen ënnerkommen, nieft enger neier Maison des Sports. Vu dass de Plang vum Gebai nach net definitiv steet, ass et zu dësem Zäitpunkt nach net méiglech ze soe, wéi eng Surface déi nei Maison des Sports wäert hunn.

6. **Ënnert wat fir engem Budgetsartikel wäerten dës Fraise rëmzefanne sinn?**

Déi Operatioun wäert iwwer een entspriechenden Budgetsartikel fir d'Locatioun vu Gebaier stoe kommen.

7. **Ass geplangt, dass och nach aner Institutiounen nieft dem COSL an de Sportverbänn an deem Gebai wäerten ënnerkommen, esou wéi dat och op der Areler Strooss de Fall ass?**

Cf. Äntwerten op d'Froe 4 an 8.

8. **Mengen Informatiounen no huet den COSL scho säit Längerem eng Opstellung gemaach, wat alles an enger néier Maison des Sports vu Raimlechkeeten an Equipementer fir den COSL selwer a fir d'Verbänn wäert gebraucht ginn — sinn des Besoinen an der Planung vun den neie Raimlechkeete consideréiert ginn?**

De Besoine vum COSL sollen no Méiglechkeet all an deem neie Gebai Rechnung gedroe ginn. De Finanzministère insistéiert allerdéngs, datt d'Surfacë rationell a funktionell exploitéiert ginn an datt Synergien tëschent deene verschiddenen Servicer a Verbänn vum COSL, mee och mat deenen anere Verwaltungen, déi an deem Gebai ënner kommen, sollen entstoen. Dëst Gebai ass eng Opportunitéit fir datt d'Maison des Sports an d'Verwaltungen an engem moderne Gebai kënne funktionéieren.

9. **Wéini gëtt genau mam Bau vun der néier Maison des sports ugefaangen a wéini ass - Stand haut - virgesinn, dass souwuel den COSL wei och d'Sportverbänn do definitiv anzéie kënnen?**

Et ass ze bemierken, datt déi detailléiert Planunge fir d'Maison des Sports elo réischt ufänken an de Staat nach kee genaue Planning vum Promoteur kritt huet. Duerfir ass et aktuell nach ze fréi fir méi Detailer iwwer den Ufank an den Ofschloss vun den Aarbechte matzedeelen.

**10. Sinn an der néier Maison des Sports och Raimlechkeete fir den INAPS virgesinn, dee jo opgrond vu sengem Wuesstum net méi genuch Plaz um INS huet?**

2024 an 2025 ass d'Bureausfläch am Gebai vum Sportsministère um INS vergréissert ginn, sou dass aktuell genuch Bureausplaze fir den INAPS disponibel sinn. Nodeems de Sportlycée op deen neie Site op Mamer geplënnert wäert sinn, ass virgesinn, dass den INAPS dat aktuellt Gebai vum Sportlycée iwwerhëlt. Entspriechend si keng Raimlechkeete fir den INAPS an der neier Maison des Sports virgesinn.

Lëtzebuerg, den 26. Mee 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth